



N° 6871
Entrée le 21.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 21.09.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. September 2022

Här President,


Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*Krise als Chance nutzen*", deen den 20. September am Lëtzebuenger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt déi Lëtzebuenger Start-Up-Branche notamment bedauert, datt et zu Lëtzebuerg un attraktive Méiglechkeete feelt, fir Investitiounen an nei gegrënnten Entreprisë kënnen ofzesetzen.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Finanzminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regroupéiert, wéi eng natierlech a juristesch Persoune wéi eng Montanten ënnert wéi eng Konditiounen déi éischt fënnef Joer no der Investitioun an e Start-Up kann ofsetzen, wann een en Deel oder souguer de ganzen Asaz verléiert oder den Asaz zwar nominell (ouni Berécksiichtegung vum Wäertverloscht duerch d'Inflatioun) erëmkritt awer kee Benefice realiséiert? Kann d'Madamm Minister an deem Zesummenhang preziséieren, wou si Spillraum fir weider steierlech Ureizer gesäit, fir d'Start-Up Kultur zu Lëtzebuerg ze stäerken?
- 2) Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi Revenuen aus Kapital dat an e Start-Up investéiert gouf, während den éischte fënnef Joer besteiert gëtt? Kann d'Madamm Minister an deem Zesummenhang preziséieren, wou si Spillraum fir weider steierlech Ureizer gesäit, fir d'Start-Up Kultur zu Lëtzebuerg ze stäerken?

Mat déiwem Respekt,


Roy Reding
Deputéierten



Äntwert vun der Finanzministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6871 vum 21. September 2022 vum Här Deputéierten Roy Reding.

D'Steiergesetzgebung gesäit hautzedaags keng spezifesch Dispositiounen vir, fir Investitiounen an nei gegrennten Entreprisë kënnen ofzesetzen. Nom ofgeännerten Akommessteiergesetz vum 4. Dezember 1967 applizéieren sech an deem Kontext déi allgemeng gültig steierlech Reegelen. Als Beispill kann een erwänen, datt méiglech Dividenden, déi vu sou gegrennte Gesellschaften ausgeschott ginn, ënner verschidde Konditiounen zu 50 Prozent befreit kënnen sinn, a vun engem steierfräie Betrag an Héicht vun 1.500 Euro profitéieren. Eng méiglech Plus-value bei der Veräusserung vun der Bedeelegung kann ënner verschidde Konditiounen och steierlech befreit sinn, besonnesch wann d'Bedeelegung méi wéi 6 Méint gehale ginn ass. Eng Perte ass am Prinzip ofsetzbar wann d'Bedeelegung manner wéi 6 Méint gehale ginn ass.

Am Koalitiounsaccord ass virgesinn dass « [...] *le Gouvernement analysera l'introduction de mesures fiscales pour favoriser les investissements des personnes physiques dans les entreprises innovantes* ».

An deem Sënn schafft de Finanzministère un engem Avant-projet de loi, fir Investitiounen an innovativ Entreprisë steierlech ze promovéieren, wat och zur Kompetitivitéit vum Standuert Lëtzebuerg bäidroeg géif.

Mat Bléck op d'COVID-19-Pandemie an de Krich vu Russland géint d'Ukrain, mat de bekannten Auswierkungen op d'Energiepräisser an den Impakt op de Staatsbudget, hunn d'Prioritéiten mussen ugepasst ginn, sou dass d'Aarbechten un dësem Dossier aktuell nach net ofgeschloss sinn.

Lëtzebuerg, den 24. Oktober 2022

D' Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes